N°7440
Entrée le 04.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.01.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 20232

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister, den Här Transportminister, der Madamm Justizminister an den Här Minister fir bannezech Sécherheet weiderzeleeden.

Den Europäesche Rot huet Lëtzebuerg a punkto Findel iwwer 30 Rotschléi mat op de Wee ginn, wat d'Sécherheet um Fluchhafen ugeet ( Virgule vum 5. Dezember 2022). Tatsächlech wär de Fluchhafen e schwaacht Glidd an der Schengen-Welt. Virgehäit gëtt Lëtzebuerg e Manktem u Sécherheetsbeamten a bei hinnen u Qualifikatioun fir falsch Reesdokumenter ze erkennen. Och gëtt et kee Koordinatiounszentrum fir mat aneren Autoritéiten zesummenzeschaffen. Lëtzebuerg misst och Pläng ausschaffe fir eng eventuell nei illegal Migratiounswell. Weider gëtt bemängelt, datt d'Douaniere keen Zougang zu zentrale Datebanken hunn.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Akzeptéiert d'Regierung dës Kritik un der Sécherheet um Findel?
2. Ass et richteg datt Lëtzebuerg e relativ kuerzen Delai gesat kritt huet fir dës Virschléi ëmzesetzen? Bis wéini?
3. Wéi wäit ass Lëtzebuerg bis elo bei der Ëmsetzung vun dëse Punkten? Wéi eng Moossnahmen sinn am Eenzelnen fir wéi eng Verwaltung néideg?
4. Wéi laang ass scho gewosst, datt d'Sécherheetsmoossnamen um Findel am Schengen-Raum kritesch gesi ginn?
5. Wat fir Auswierkungen huet dat fir Passagéier, déi vum Findel aus wëlle fléien? Gëtt d'Prozedur méi laang oder méi onkamoud?
6. Den Zougang zu Datebanken an den internationalen Austausch vun Donnéeën schéngen an den An vum Europäesche Rot eng grouss Roll ze spillen. Ass d'Regierung gewëllt, der Police méi Autonomie bei hirem Zesummespill mat aneren polizeilechen Autoritéiten am Ausland ze ginn, ouni datt en Accord vum Parquet muss virdrun ageholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten